# "Den Angschtmechanismus duerchbriechen"

RIED VUM JOS CADE OP DER FRIDDENSMANIFESTATIOUN DEN 22.1o.1983 ZU LETZEBUERG

Mir kommen aus alle Schichten vun eisem Vollek. A ville Beräicher si mer sécher verschiddener Meenong. Jo, op eenzelne Pläng géif et tëschend eis zu enger haarder Ausernaanersetzung kommen. Mir denken, dat daat zum Liewen matenaaner an zum Fridden ënnertenaaner gehéiert, wann et fair, offen an a géigesäitegem Respekt geschitt.

Hei op dëser Plaatz vereent eis eng grouss Suerg. Mir sin een wéi deen aneren zudéifst betraff vun der Ongeheierlechkeet vun enger Situatioun, déi zënter laange Joer higeholl gin as oder einfach net an d'Bewosstsäin virgestouss war.

Aawer elo, wou de Wahnsinn vun der Rüstungsspiraal nach eng Kéier soll weidergedriwe gin a mer ufänken ze begräifen, datt d'Liewe vun der Welt iwerhaapt um Spill steet, därfe mer de Mond net méi haalen, musse mer opstoen an aktiv gin. Et wär an dësem Ablack, wou alles, waat mer gären hun a wat mer an Zukunft wönsche fir eis an eis Kanner, bedroht gët vun Ost a vu West, - et wär onverantwortlech, näischt ze soen a näischt ze weisen aus Rücksicht op eng Partei, op eng Gewerkschaft, op eng Kierch, op eng Zeitung. Et wär eis demokratesch Rechter a Pflichten net eescht geholl, wa mer eis génge beschwichtege loosen a wa mer Angscht hätten, eis de Vokabelen wéi "Moskaudénger", "naiv Dreemer a Spénner" an dergläiche méi auszesetzen.

Mir wëssen, datt déi ganz Problematik vum Fridden nët vereinfacht därf gin. Mir wëssen em d'Komplexitéit vun der Fro an och, datt et keng radikal an eendeiteg Léisungsvirschléi ka gin. Awer kënne mer sachlech bleiwen, wann et onmissverständlech Unzeeche get, datt mer, wann et esou weidergeet, engem gewaltegen Holocaust entgéint gin? Ech ka nëmmen erschrecken, wann ech feststellen, mat wat fir enger Liichtegkeet a mat wat fir engem Doudeescht Leit, déi eist Geschéck an der Hand halen, d'Eventualitéit vu Milliounen Doudeger mat a Kaf huelen, fir dat ze beschützen, wat si Fräiheet nennen.

Eng Kéier muss dach den Angschtmechanismus duerchbrach gin, deen, wann e weidergeet, eis all un de Rand vum Ennergang bréngt. Oder as et och "naiv" no den Hannergrënn an de psychesche Beweggrënn vun der Rüstungsideologie ze fuerschen? Hannert all dem Joerzengte laangen Oprüsten a Norüsten an Oprüsten an Norüsten steet dach di blank Angscht vun engem Machtblock, den d'Welt beherrsche wëll, zu dem mir gehéieren, virun engem aneren Machtblock, den d'Welt beherrsche wëll a séng SS2o op eis Haiser a Gärt riicht. Et as jo och fir Angscht ze kréien, wa mäi Feind mir mat Vernichtung droht. Ech kann och net einfach nokucken, wann ee mäin Ennergang virbereed. Natierlech féiert méng Angscht mech dozou, deselwechte Grad vu Vernichtung unzedrohen. D'Resultat vun dem Verhalen, wat mer um Privatplang als neurotesch, jo als pathologesch bezeechnen, hu mer virun Aen: Alle béid sin se elo sou wäit, datt se hiere Feind zeng, zwanzeg oder drësseg mol zerstéiere kënnen. A net nëmmen hiere Feind kënnen se zech mol zerstéieren, mee d'ganz Welt. Haut fënd deen een, a mar deen aneren, datt en eng Kéier d'Welt manner ka zerstéieren, dofier muss nogerüst gin.

Solle mer einfach zouloossen, ouni Protest an Oplehnung, datt esou e Psycho-Spill weidergeet? As haut d'Léisung, nees nei a nach méi perfekt Doudesmaschinen op de Koup ze leën, fir de Feind oofzeschrecken? Get et elo net héich Zäit fir der miserabler Angscht nët méi nozegin? Dat ging heeschen, dat Däiwelsspill vum Norüsten an Oprüsten ënnerbriechen. Mir denken, datt et di eenzeg Alternativ as.

Et gët eis nogeluegt, dëst Doudesspill kaalbliddeg hinzuhuelen. Ech froen iech awer: kann ee kaalbliddeg bleiwen, wann z.B. all Minutt, wou hei geschwat gët, zech dausend Kanner erhéngeren, während och all Minutt zech Dollar, zech Aarbechtskraaft, zech mënschlech Denkkapazitéit verbëtzt get fir d'Vernichtung vum Liewen, vu Natur a Mënsch virzebereeden a schon deelweis duerchzeféieren.

Mir kënnen eis nëmmen all dene Wëssenschaftler, Mediziner, Philosophen a Schréftsteller uschléissen, déi hir Stëmm beschwörend erhiewen fir d'Politiker an d'Militär opzefuerderen, net méi deene schreckleche Mëttelen ze vertrauen fir de Fridden ze sécheren.

Als Chrëscht fillen ech mech awer besonnesch a mengem Denken a Reagéiere bestärkt duerch d'Aussoe vun de kathoulesche Bëscheef aus ville betraffene Länner a vu ménger Kierch iwerhaapt, déi a leschter Zäit onmissverständlech Partei ergraff hun géint d'Oprüsten, géint Norüsten a géint d'Oofschrecke vum Feind duerch Undrohen vu Vernichtung. Ech wëll et mat ménge Wieder esou formuléieren: wann ech un de Gott vu Jesus Christus gleewen, da kann ech net d'Sprooch vun der Rüstung schwätzen, da bleiwt se mer am Hals stiechen ... Ech muss villméi mat Läif a mat Séil dergéint sin, wat och ëmmer geschitt.

An dësem Zesummenhang wëll ech - an ech maachen dat a méngem perséinleche Numm - eemol öffentlech zum Ausdrock bréngen, datt d'Luxemburger Wort, dat vu villen als Stëmm vun der kathoulescher Kierch gesi get, vu ville Lëtzebuerger Katholiken nët als den Ausdrock vun hirer Meenung unerkannt gët. Vill Lëtzebuerger Katholiken wënschen sech, dat hir Zeitung, wat d'Friddensproblematik ugeet an och wat aner Beräicher ugeet, net nëmmen d'Meenung vun der Redaktioun zouléisst. Besonnesch vun deem, wat an dësen Deeg an eiser Zeitung a puncto Fridden gedréckt gouf, kann ech mech nëmmen distanzéieren; an ech stin domat nach laang net eleng do.

Et héiert een och ëmmer neess, datt d'Oofschreckung mat atomare Waffen eis nobäi 40 Joer laang ëmmerhin de Fridde garantéiert huet. Tatsächlech kann ee soen, datt mer während där Zäit jiddefalls an Europa kee Krich haten. Ech mengen awer, datt et vläicht 4o Joer Atomwaffenideologie fir Sécherheet a Fridden gebraucht huet, fir dat e Krich mat deene Waffen féierbar gët . Well op deem Punkt sti mer elo, an di politesch Verantwortlech sollen sech bewosst gin, datt se d'Zukunft vun der Welt op d'Spill setzen, wann se de Militaristen nogin a wann se ëmmer méi den onzouverlässegen Computersystemen eis Sécherheet uvertrauen.

Wann ech iech alleguerten hei gesi stoen a wann ech un di Honnertdausenden Europäer denken, déi fir de Fridden op d'Strooss gin, da wiist a mir d'Hoffnung, datt en Denkprozess ugelaf as, dee kee méi stoppe kann. Mir sin, egal wat och an deene nächste Méint geschitt, erausgefuerdert, mat eisen Aktiounen, eiser Bewosstsäinsbildung a mat der Friddenserzéiung, déi mer ugefaang hun, weiderzefueren.

Direkt no dëser Manifestatioun gët an der Krypta vun der Kathedral eng Mass gefeiert. Mir lueden dohinner all dijéineg an, déi mat eis fir de Fridden an der Welt biede wëllen.